# Erzielung: Mit Indianerkindern die Welt entdecken

## Bild 1:

Ech sin en Indianerkand.
Main Numm gefällt mir besonnesch gudd.
Ech heeschen: De gudd kucke kann,
Main Numm léiert mech sou ganz gudd ze kucken. Awer gleew net, ech géif just mat mengen Aen ronderem kucken.
Oh nee, ech sin en Indianerkand, ech léieren d'Welt och mat mengen Oueren, mat mengen Hänn, mat menger Nues, mat menger Haut, mat mengen Gedanken an virun allem mat mengen Härz kennen.
Dofir ass meng Lieblingsbeschäftigung – iwerall wou ech sin – alles ze gesin a mir alles ze mierken.
Komm mat mir.
Ech weisen dir haut wat ech esou alles an der schéiner Natur entdecken.

## Bild 2:

Mir Indianer si bekannt fir ais Oueren.
Oft stellen ech mech einfach dohin an ech lauschteren.
A wann ech roueg a stell lauschteren, da gesin ech, dat wat ech lauschteren, och a mir selwer.
Héieren ech e Villchen, dé sengt, da gesin ech dé Villchen och a mir daran.
Héieren ech e Pletscheren, da gesin ech viru mir d'Quell, wou d'Wasser spruddelt.

## Bild 3:

Vu mengem Bopi léieren ech villes.
Hé weist mir, wéi ech mat mengen Hänn d'Wasser ka gesin.
Ganz virsichteg halen ech meng Hänn dohinn,

D'Wasser léisst mech Biller gesin:
Ech gesin mai Bopi, wéi en do stét a lacht.
Ech gesin Fesch an Kieselsteng.
Ech gesin Déieren drenken.
D'Wasser hun ech gär.
Mee Stopp. Firwat ass d'Wasser op émol méi kal gin?
Gett d'Wierder méi schlecht? Kennt e Wand op?

**Bild 4**:

De Wand ass stiermesch.
Dé starke Wand spieren ech gär.
Den Himmerl gett emmer méi donkel.
Et kennt en Donnerwierder.Ech muss mir eng Platz sichen, wou ech bleiwe kann, en Höhl – ech gesin si schons viru mir.
Ech kéint des Höhl bestemmt och mat zouenen Aen fannen.
Ech hesschen jo net fir naischt De gudd kucke kann.
Ob ech wuel dreschen a menger Höhl ukommen?

**Bild 5**

E beschen nass gin ech trotzdem. Et ass mir och nach kal.
Mé dat ass net schlemm.
Ech ka jo e Feier machen.
D'Feier liicht duerch déi ganz Höhl. Et mecht erem warm.
Dobaussen donnert an et bletzt.
Lo denken ech erem u mai Bopi.
Hé sét d'Feier ass e Geschenk vu Gott.
Dofir danzen d'Indianer gären em d'Feier a sangen.
Feier, ech soen dir Merci.

**Bild 6:**

Mai Bopi ass gudd am Spuere liesen, souguer Bierespueren kennt hén.

D'Spueren iwer de Bier soen wéi grouss en ass, wéi schwéier en ass, wéi al en ass.
Ech ka mir de Bier souguer richteg virstellen.
Vielleicht leckt en Hunneg, oder drenkt Wasser oder schléift .
De Bier selwer begéinen mir net. Gott sei Dank.
Mir fannen en anert Déiert

**Bild 7:**

D'Déier ass ängschtlech.
Wat ass da paaséiert?
Komm, ech hémelen dech, komm, du brauchs net ze färten.
Jo, et stemmt. Et kann en et och mat den Hänn gesin.
Dat klengt Huesenhärz schléit schnell.
Ech spieren: du bass wuel fortgelaf, vielleicht virum Bier.
Et ass jo gudd ausgangen.
Beroueg dech. Spiers du meng Hänn. Ech mengen et gudd mat dir.
Dobaussen ass e t roueg gin.
Donnerwierder ass lanscht.

**Bild 8:**

Wat et heibaussen gudd richt. Nom Rén ass d'Loft sou fresch a propper.
Ech richen sou villes a verschiddenes.
Ech kann nämlech och mat der Nues kucken.
Hei ass eng Rous. Eh richen un hirem wonnerbaren Doft.
Elo mat zouenen Aen gesin e Mensch viru mir, dén ech gär hun.
Et ass meng Frendin.
An des Rous well ech him schenken.

**Bild 9:**

Meng Frendin huet och en Indianernumm. Hatt héscht Dat wat et gring gi léisst.

Iwerall wou hatt ass, do ass vill Liewen, do wiesst eppes.
Ech kéint him stonnelang an d'Aen kucken an drémen.
Ech wärt emmer op hatt oppassen.
Mat mengem Härz sin ech emmer bai him.

**Bild 10**:

Am léiwsten danzen ech mat him.
Mir danzen vu Fréd, well mir frou sin, datt et esou vill Schéines em ais gett.
Mir danzen wéi déi grouss Indianer a wellen dém groussenGott MERCI soen
Merci datt hén ais d'Liewen geschenkt huet,
Merci datt hén ais gären huet,
Merci datt hén dech a mech ka gesin.
Ech mengen datt dese grousse Gott d'selwecht héscht wéi ech
Dé gudd kucke kann.